LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2019

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 725/18

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 21 janvier 2019

**Objet:** Question parlementaire n° 89 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 89 de Madame la Députée Martine Hansen**

1. **Wéi verhält sech Lëtzebuerg beim Votte zu enger weiderer Verlängerung vu Koffer op 7 Joer an Ubetruecht vun der Bewäertung vun héije Risiken op Mënsch an Ëmwelt duerch d'EFSA?**

De Vote zur Erneierung vun der Zouloossung vum Wierkstoff Koffer war de 27. November 2018. Lëtzebuerg huet der Propose vun der europäescher Kommissioun zougestëmmt, an domadder enger weiderer Zouloossung vum Wierkstoff fir 7 Joer. Wéinst dem Risiko fir Mënsch an Ëmwelt enthält de votéierten Text eng Rei Oplagen. Déi bedeitendst sinn, datt just nach maximal 28 kg Koffer pro Hektar bannent 7 Joer ausbruecht dierfe ginn, an datt de Koffer elo als „candidat à la substitution" klassifizéiert ass.

2. **Am Fall vun enger weiderer Zouloossung an Europa, denkt d'Regierung doriwwer no fir den Asaz landeswäit ze verbidden?**

De Koffer gëtt net verbueden, well momentan an der biologescher Bewirtschaftung, virun allem am Wäibau, keng Alternativ fir de Koffer bei staarkem Infektiounsdrock zur Verfügung steet. Ouni Koffer kann et am Wäibau zu 100% Ertragsausfall kommen, wann den Infektiounsdrock duerch verschidde Pilzkrankheete wéinst villem a staarkem Nidderschlag ze héich ass. Am Joer 2016 war dat zum Beispill de Fall.

Am konventionellen Ubau sti synthetesch Alternativen zum Koffer zur Verfügung. Am biologeschen Ubau ginn et nach keng alternativ Sprëtzmëttel zum Koffer.

Am biologesche Wäibau kann nawell bäi schwaachem Infektiounsdrock ënner Ëmstänn d'Uwendung vu Planzestäerkungsmëttel op Basis vu Gestengsmieler oder Schachtelhalmextrakter duer goen, fir op de Koffer ze verzichten. Duerch d'Uwendung vun dëse Mëttel kann allgemeng de Kofferopwand och erhieflech reduzéiert ginn.
Am biologesche Wäibau zum Beispill ginn 2 – 4 kg/ha Koffer duer a Jore mat moderatem Pilzbefall. Am Joer 2017 konnte verschidde Betriber praktesch komplett op Koffer verzichten.
Niewen dem biologsche Wäibau gëtt Koffer och nach am biologesche Geméis- an Uebst- a Gromperenubau benotzt. Och am konventionelle Wäibau gëtt de Koffer bäi den Helikoptersprëtzungen agesaat.

Duerch de wesentlech besseren Ausbildungsstand vun de Wënzer an adaptéiert Sprëtzmëttelzouloossunge konnt den Opwand vum Koffer säit dem Ufank vum Asaz vun der „Bordeauxbrühe" Enn 19. Joerhonnert bis haut ëm de Facteur 10 reduzéiert ginn.

3. **Wa jo, ginn et aktuell Alternativen zu kofferhaltege Mëttelen, a wei eng Planzeschutzmëttel am Beräich Pilzbekämpfung wieren dann nach an der biologescher Landwirtschaft erlaabt?**

   Cf. Äntwert op d'Fro 2.

4. **Gëtt respektiv goufen et zu Lëtzebuerg schonn Ënnersichungen op Parzelle wou heefeg kofferhalteg Mëttel agesat goufen? Wa jo, wat sinn d'Resultater?**

   Nee, bis elo goufen nach keng spezifesch Ënnersichunge gemaach.

   Allerdéngs sinn am Kader vun der 2006 verëffentlechter „Bodenmonitoring" Etude, déi am Optrag vun der Emweltverwaltung durechgefouert ginn ass, och Kofferkonzentratiounen ermëttelt ginn. An dëser Ënnersichung ass ze gesin datt d'Koffekonzentratiounen a alle Wéngerten tendenziell méi héich sinn wéi bei anere Landnotzongen. Et muss een an dësem Zesummenhang dorop hiweisen datt nëmmen eng kléng Unzuel un Wéngerten (5) ënnersicht ginn ass.

   Am Projet vum Buedemschutzgesetz ass een „État des lieux" vun den lëtzebuerger Biedem virgesinn. Ënnert anerem sinn Ënnersichungen vun Regiounen an deenen erhéichten Kofferkonzentratiounen kënnen erwaart ginn an dësem Zesummenhang ugeduecht.

5. **Wéi ass den Asaz vu Koffer am Kader vum zukünftege Buedemschutzgesetz ze gesinn?**

   Am Kader vum « Projet de loi » gëtt den Prinzip vun den Hannergrondkonzentratiounen, den « Concentrations de fond », etabléiert. Dëst bezitt sech op Konzentratiounen vun Polluanten déi natirlech am Buedem virkommen (z. Bsp. aus dem Gestengs) souwéi deenen déi duerch diffus Pollutioun abruecht ginn. An dësem Zesummenhang gëtt dat korrekt Ausbréngen vun Planzeschutzmëttel als eng diffus Quell ugesinn.

   Am Kader vum « Plan national de protection des sols » deen am Projet vum Buedemschutzgesetz agefouert gëtt, sollen Moossnamen bestëmmt ginn fir den Fall an deem eng « Menace concrète » duerch erhéischten « Concentration de fond » nët auszeschléissen sinn. Fir ze bestëmmen op eng « Menace concrète » kéint virleien ginn d'Risiken op d'mënschlech Gesondheet, op d'Grondwaasser an op d'Buedemecosystemer betruecht.

   D'Informatiounsgrondlag vun den Hannergrondkonzentratiounen soll an deem uewen ernimmten « État des lieux » vun den Biedem ausgebaut ginn an regelméisseg op deen neisten Stand gesat ginn.

---